LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 6167 vun den honorabelen Deputéierten André Bauler a Max Hahn zum Sujet "Service d'ambulances dans le nord du pays"**

**Fro 1**

D'Kantoner hu fir den operationelle Fonctionnement vum CGDIS keng Bedeitung, well d'Asazzenteren (CIS) sech all am Asaz géigesäiteg an onofhängeg vun administrative Grenzen ënnerstëtzen. Ausserdeem ënnerscheede sech d'Grenze vun den administrative Verwaltungseenheete vum CGDIS (Zonen a Groupementer) vun de Kantonsgrenzen. Deemno géing eng isoléiert Betruechtung vun de Memberzuelen an de Kantoner Dikrech a Veianen en onvollstännegt an och verzerrtent Bild iwwert d'Memberzuele vum CGDIS liwweren.

Allgemeng ass d'Zuel vun de fräiwëllege Pompjeeën an alle Kategorien (Pompiers opérationnels, Pompiers de support, Vétérans) an der Zon Norden zënter der Grënnung vum CGDIS stabil bliwwen, d'Zuel vun de Haaptamtleche gouf verdräifacht an och d'Jugendpompjeeë konnte weider gestäerkt ginn.

**Fro 2**

Objektiv betruecht stellt ee fest, datt den Effektiv vum CIS Nordstad (virum 1.1.2022 CIS Ettelbréck a CIS Dikrech) stabil bliwwen ass zënter der Grënnung vum CGDIS:

| Entwécklung vun de Memberzuele CIS Ettelbréck & Dikrech / CIS Nordstad | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **Statut** | **2018** | **2019** | **2020** | **2021** | **2022** |
| Haaptamtlech Pompjeeën | 8 | 16 | 20 | 23 | 28 |
| Fräiwëlleg Pompjeeën | 141 | 153 | 157 | 152 | 171 |
| Total operationell Pompjeeën | 149 | 169 | 177 | 175 | 199 |
| *Pompiers de support* | 3 | 3 | 3 | 3 | 3 |
| Administratiivt an technescht Personal | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| Jugendpompjeeën | 5 | 9 | 10 | 11 | 12 |
| Veteranen | 54 | 53 | 49 | 43 | 43 |
| Total | 211 | 234 | 239 | 232 | 257 |

**Fro 3**

Am Kader vum Plan national d'organisation des secours (PNOS) gouf eng landeswäit Strategie fir de weidere Recrutement vu fräiwëllegen an haaptamtleche Pompjeeën ausgeschafft a validéiert. Am Kader vun der Ëmsetzung vum PNOS gëtt och un de Konzepter a Prioritéite vun der weiderer Verdeelung vun den haaptamtleche Ressourcë vum CGDIS an den nächste Jore geschafft, dëst awer aus enger nationaler Vue, fir iwwerall am Land a manner wéi 15 Minutten z'intervenéieren. Eng isoléiert Vue op zwee eenzel Kantoner géing och hei en onvollstännegt Bild iwwert d'Entwécklung vum Rettungsdéngscht hei am Land liwweren.

De CIS Nordstad ass fir de gesamten Norde vum Land e strategesch ganz wichtege Standuert a wäert och an den nächste Joren weider developpéiert ginn.

Lëtzebuerg, de 07/06/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding